| Beaufort | Mëttwochs, 02.11. | 11.15 | Godbrange | Mëttwochs, 02.11. | 10.00 |
| Bech | Mëttwochs, 02.11. | 10.00 | Gonderange | Dënschdes, 01.11. | 15.30 |
| Beidweiler | Dënschdes, 01.11. | 16.30 | Hemstal | Sonndes, 30.10. | 11.00 |
| Berdorf | Dënschdes, 01.11. | 10.00 | Herborn | Sonndes, 30.10. | 16.30 |
| Berdorf | Dënschdes, 01.11. | 11.00 | Junglinster | Mëttwochs, 02.11. | 12.00 |
| Bollendorf-Pont | Dënschdes, 01.11. | 15.00 | Moersdorf | Dënschdes, 01.11. | 16.30 |
| Born | Dënschdes, 01.11. | 15.00 | Mompach | Dënschdes, 01.11. | 15.45 |
| Bourglinster | Dënschdes, 01.11. | 11.45 | Osweiler | Sonndes, 30.10. | 15.45 |
| Breidweiler | Samschdes, 29.10. | 16.00 | Rodenbourg | Dënschdes, 01.11. | 16.00 |
| Consdorf | Sonndes, 30.10. | 15.00 | Rosport | Sonndes, 30.10. | 15.00 |
| Dickweiler | Mëttwochs, 02.11. | 11.15 | Scheidgen | Sonndes, 30.10. | 16.00 |
| Dillingen | Sonndes, 23.10. | 11.45 | Steinheim | Méindes, 01.11. | 11.30 |
| Echternach | Dënschdes, 01.11. | 14.30 | | | |

# Oktober: de Rousekranzmount

D'Rousekranzgebied: Fir déi eng ass et en alt Geleiers, fir aanerer wéi e Va-et-vient vun de Wellen op der Plage, wou ee seng Gedanke gesammelt kritt, Rou fënnt an dee ganze Misère mat Maria dem Härgott gi kann. De Rousekranz bieden ass wéi d'Maria op de Jesus an den ënnerschiddlechen Etappe vu sengem Liewe kucken. Béides deet an iisen Zäite gutt. Grad, wou mir vill Onroueges erliewen. En plus sinn d'Gebied fir de Fridden an de Rousekranz enk matenaaner verbonnen. Hei fënnt een „Hoffnung auf den Sieg der Liebe über die Dramen der Geschichte, den Sieg der Liebe über den Hass, im Vertrauen auf die tröstende Verheißung Unserer Lieben Frau" esou de Kardinol António Marto, der emeritéierte Bëschof vu Leiria-Fátima.

Häerzlech Invitatioun am traditionnelle Rousekranzmount Oktober zur Päereleschnouer mam Kräiz ze gräifen an zesummen oder elleng - wéi Dir et am Léiftsten hutt - de Rousekranz ze bieden.Déi gemeinsam Rousekranzgebieder an iise Uertschaften fannt Dir bei de Gottesdingschter. An der Krypta vun der Iechternacher Basilika bied d'portugiesech Gemeinschaft all Owend am Oktober ëm 20:00 Auer. Natierlech encouragéiere mir Iech och doriwwer eraus an iise Kierchen oder an de Noperschaften zesummen ze kommen a mat ze bieden.

*Luc Schreiner*

# Liestipp...

## Klaus Rudinger Mai

## **Edith Stein**

### Geschichte einer Ankunft. Leben und Denken der Philosophin, Märtyrerin und Heiligen

Kösel Verlag München 2022
352 Seiten, 22- €.




Schonn zënter ville Joren beschäftegen ech mech mat der Edith Stein. Vill vun hire Schrëften hunn ech gelies an derniewent och munch Bicher iwwer si. Mä dëst Joer ass ee besonnescht Joer. Den 9. August 2022 sinn et 80 Joer hier, dass d'Edith Stein am Konzentratiounslager Auschwitz-Birkenau ermort ginn ass.[1] Et ass deemno schonn gutt nach emol op hiert Liewen zeréck ze kucken. Den Historiker Klaus-Rüdiger Mai huet ee ganz interessant a liesenswäert Buch geschriwwen. Et ass net einfach eng Biographie. Et ass d'Beschreiwung vun engem Wee, deen d'Edith Stein an der Zäit geet, déi vu villen schwéiere Katastrophen bestëmmt ass. Mä et ass awer och eng Zäit vum Opbroch. De Mai ass ee bekennenden lutheresche Chrëscht, deen aus engem duerchaus neie Bléckwénkel d'Liewen vun der Edith Stein opzeechent. Hien geet dee Wee vun hirem Sichen am Liewen, an der Philosophie an am Chrëscht-Sinn no.

D'Liewen vum Edith Stein ass wéi een onentdeckte Schlëssel fir déi däitsch Geschicht vum Ufank vum 20. Joerhonnert, seet de Mai. (S. 338) Mat dëser Fra, mat dëser Kämpferin fir d'Recht vun der Fra an der Gesellschaft an an der Wëssenschaft kann een effektiv ganz gutt op eng beweegten Zäit vun der europäescher Geschicht kucken. Awer ganz däitlech kritt een och een Abléck, wéi deemools lues a lues Mënschen vu jüddeschem Glawen ëmmer méi an den Eck gedréckt goufen. D'Edith Stein ass jo gebuer an eng jüddesch Famill. Si selwer huet sech als jonke Mënsch net weider ëm dee Glawe beméit. Awer als grouss Denkerin a Philosophin, déi vun den éischte Momenter vun der neier Stréimung vun der Phenomenologie derbäi war, geet si ee Wee dee ganz anescht verleeft, wéi dee vu villen Phenomenologen vun deemools. Wärend de Martin Heidegger säi kathoulesche Glawen als Folleg vun sengem Nodenken opgëtt, fënnt d'Edith Stein ëmmer méi zu deem chrëschtleche Glawen an dann eben och den 1. Januar 1922 duerch d'Daf an déi kathoulesch Kierch.

De Klaus-Rüdiger Mai beschreift hire Wee ganz gutt a mat groussem Respekt. Säi Buch liest sech wéi ee Roman. Awer et ass de reale Wee vun enger Fra, déi héich gescheit war an déi duerch ganz vill äusser Ëmstänn ëmmer nees gebremst an zeréck gesat gouf. An hirem Liewe ginn et vill Momenter vun Enttäuschung. Am Buch kommen och déi ganz mënschlech Gefiller vu Léift zu Kolleegen a Frënn zur Sprooch. Och um mënschleche Plang war d'Edith Stein ëmmer op der Sich.

Natierlech kommen am Buch hei och hir philosophesch Weeër net ze kuerz. Bäi munche Passagen wäert d'Liesen net ganz esou einfach sinn, wann ee net esou vill Anung huet vum philosopheschen Denken. Dat soll allerdéngs keen ofhalen dëst Buch an d'Hand ze huelen. Ech hunn iergendwéi den Androck, dass et eng duerchaus wäertvoll Aféierung ka sinn, fir des Dimensiounen kennen ze léieren. Vläicht mécht et jo Loscht, fir sech emol an de Beräich vun der Philosophie vir ze woen. Ech denken dëst Buch kann an deem Sënn duerchaus en Impuls zum weideren Liesen a Studéiere sinn.

Jiddefalls bréngt engem dëst Buch de Mënsch Edith Stein an all senge Facetten méi no. D'Potential vun hirem Liewen a vun hirem Denken, dat sech an deene ville Schrëften vun hir erëm spigelt, ass nach laang net ausgeschäfft a waart drop, dass et nei oder iwwerhaapt emol entdeckt gëtt. Den Auteur seet a sengem „Nachwort": „Was mich interessiert hat, ist, die verborgenen Momente aufzuspüren, in denen Leben zu Denken und Glauben wird, und sich Glauben wieder über das Denken im alltäglichen Leben ausdrückt und wirkt." (S. 340) Et muss ee versichen eng Persoun wéi d'Edith Stein an hirer Zäit an aus hirer Zäit eraus ze verstoen. (S. 340) Ech denken, dat ass dem Auteur duerchaus gelongen. Ech hu mat Genoss gelies a kann ganz berouegt soen, dass dëst Buch soll gelies ginn.

[1] Op den Doudesdag vum Edith Stein wierklech den 9.8.1942 war, ass net onbedéngt esou sécher, wéi et bis elo ugeholl gouf. An engem Artikel am Edith Stein Joerbuch 2022 gëtt jiddefalls op munch Ongereimtheeten an deem Punkt higewisen. Et ass duerchaus méiglech, dass d'Edith Stein nach eng länger Zäit um Liewe war am KZ Auschwitz-Birkenau an eréischt méi spéit gestuerwen ass. Op si vergaast gouf oder un enger Krankheet gestuerwen ass, kann an deem Fall net gesot ginn. Hei d'Referenz zum Artikel: Rainer Schmidt, Zum Tod der hl. Edith Stein im KZ Auschwitz-Birkenau, in: Edith Stein Jahrbuch 2022, Echter Verlag Würzburg 2022, S. 48-71.

*Carlo Morbach*

# Heizungen an eise Kierchen a Kapellen

Bedéngt duerch de Krich an der Ukrain an d'Energiekris hu mir eis an der Pastoralekipp Gedanke gemaach iwwert d'Hëtzen vun eise Kierchen a Kapellen. Et gëtt schonns Kierchen a Kapellen wou d'Heizung ganz ausgeschalt war oder souwisou net geet: z.B. Konsdref a Pierre-et-Paul Echternoach. Et gëtt och berüümte Kierchen an der Welt, wéi de Kölner Doum, déi nach ni beheizt waren. Joerhonnertelaang gouf et souwisou keng Heizung an eise Kierchen, an et ass awer gutt gaangen.

D'Pastoralekipp ass dofir zu folgender Conclusioun komm:

- D'Heizperiod ass reduzéiert vun Allerhellegen bis Ouschteren.
- An alle Kierche ginn d'Temperaturen erof gesat, och fir de Gottesdéngscht.
- Do wou kee Gottesdéngscht ass ginn d'Heizungen op e Minimum gestallt oder ganz ausgeschalt.
- Mir behalen eis Kierchen am Bléck, datt et net evtl. zu Schimmel kënnt wéinst der Fiichtegkeet.
- An der Basilika gëtt d'Heizung (déi sech schwéier regléiere léisst) nëmmen Samschdes/Sonndes ugefaange, an der Woch awer ausgeschalt.
- Do wou et méiglech ass, wäiche mir op "Wanterkierchen" aus, déi méi ekonomesch ze heize sinn. Sou gëtt z.B. wärend der Heizperiod d'Samschdesmass vu Buerglënster op Guedber verluecht.

Mir hoffen op Äert Verständnis a bieden Iech den Temperature entspriechend unzedoen.

Fir d'Pastoralekipp

*Francis Erasmy*

# Der Altar in der Kirche von Altrier

Auf dem Titelbild unseres Pfarrbriefes sehen wir den Volksaltar und den Hochaltar der Kirche von Altrier (Schanz). Altrier scheint eine sehr alte Siedlung zu sein. Wie Richard Maria Staud und Joseph Reuter berichten[1] , trafen sich schon in ältesten Zeiten Menschen auf der Hochfläche von Altrier. Religiöse und profane Feste, Markt und Gericht, Kriegs- und Friedensverhandlungen fanden dort statt[2]. Die Blütezeit von Altrier fällt in die Zeit von 50 v. Chr. und 250 n. Chr. Zur Römerzeit gab es einen befestigten Weg, der Altrier nach allen Richtungen hin verband. „In den Werkstätten von Altrier werden Statuen und Tonfiguren keltisch-römischer Gottheiten, besonders Matres (Matronae, Muttergottheiten) fabrikmäßig hergestellt.“[3] Diese Statuen der „Matres“ haben wohl bis heute ihren Nachklang in der Verehrung der Muttergottes Maria am Fest Maria Himmelfahrt in Altrier und Hersberg. Die Statue der heiligen Maria, die wir heute in der Hauptnische des Hochaltars sehen, ist die Statue, welche in der dicken Eiche am Eingang von Hersberg stand und dort verehrt wurde. (Heute steht im Baum eine aus Kunstharz gefertigte Nachbildung der echten Statue.) Es ranken sich wohl verschiedene Erzählungen um die Entstehung des Brauchs vom 15. August und der Aufstellung der Statue im Baum. Doch liegt nach anderer Meinung hier eine alte vergessene Verehrung der Muttergottheit aus gallo-römischer Zeit vor. Wie es genau zur heutigen Verehrung kam verliert sich in der Geschichte. Tatsache ist, dass wir hier über Jahrtausende hinweg auf eine tiefreligiöse Verehrung zurückblicken können. So macht ein solcher Ort dann auch dankbar und verbindet Menschen vieler Zeiten und Religionen miteinander.

1865 wurden in Altrier Fundamente einer Gerichts-und Markthalle (Basilika) entdeckt. Später diente dieses Gebäude vielleicht als christliches Gotteshaus.[4] Seit dieser Zeit wurden immer wieder bei Neubauten Ausgrabungen gemacht. So manche wertvollen Funde wurden geborgen. All dies gib uns ein Zeugnis der Bedeutung von Altrier zur Römerzeit. Staud/Reuter geben im erwähnten Artikel Quellen an, die hier jetzt nicht aufgelistet werden können. Auch die neuere Kirchengeschichte bietet noch manche interessante Fakten. „Nach der französischen Revolution wurden Altrier und Hersberg nach Breitweiler eingemeindet (bis 1823); von 1803-1805 gehörten beide Dörfer zu Pfarrei Breitweiler.“[5] Ab 1805 bestand dann die Zugehörigkeit der Orte Altrier, Hersberg und Kobenbour zur Pfarrei Hemstal. Diese Pfarreinteilung wurde wie bekannt 2017



Muttergottes vun der Schanz: "Bildchen"
*Foto:* © Tom Osborne

aufgelöst und alle Ortschaften sind nun Teil unserer neuen Großpfarrei „Regioun Iechternach Saint-Willibrord".

Die heutige Kirche in Altrier wurde 1863 errichtet. Der Patron ist der Apostel Mathias. Der barocke Hochaltar stammt wohl auch aus dieser Zeit. Allerdings wurde er bei der Renovierung der Kirche stark verändert und in seiner Höhe und in der Tiefe beschnitten. In der Mittelnische stand ursprünglich eine Immakulata Statue. Danach stand dort bis vor einigen Jahren eine Marienstatue, welche die Landespatronin darstellt. Aus Sicherheitsgründen stand die kleine Muttergottesstatue aus Hersberg im Chorraum auf einem nicht besonders schönen „Beistelltisch". Unter Federführung unseres früheren Bistumskonservators Alex Langini, wurde der Plan umgestetzt, einen Sockel zu schaffen, der in der Hauptnische des Hochaltars angebracht wurde. Darauf steht seither dann die kleine Statue und bildet den Blickfang für die Gottesdienstteilnehmer. Die Immakulatastatue ist in der Sakristei erhalten. Die luxemburger Madonna steht seit einigen Jahren in der Kapelle von Rippig. In der Kirche von Altrier befinden sich dort, wo früher die Seitenaltäre standen, jeweils eine moderne Statue aus Holz des heiligen Josef und des heiligen Mathias.

*Carlo Morbach*

*1 Richard Maria Staud und Joseph Reuter, Die kirchlichen Kunstdenkmäler des Dekanats Echternach, in: T Hémecht. Zeitschrift für luxemburger Geschicht, 6(1953), S. 265-383, S. 310.*
*2 Ebd. S. 310.*
*3 Ebd. S. 311.*
*4 Ebd. S. 311.*
*5 Ebd. S. 313.*

# D'Theresia ass rëm zréck zu Uesweller

Nodeems si Enn 2021 aus ongeklärten Ursaache beschiedegt gi wor, ass d'Statue vun der helleger Theresia vu Lisieux - Sainte Thérèse de l'Enfant Jésus et de la Sainte Face wéi si offiziell heescht - elo den 29. August neess zréck op hierer Plaz am klenge Park op der Zëmpelbaach bei der Strooss tëscht Iechternach an Uesweller. « Je veux passer mon ciel à faire du bien sur la terre. » « Après ma mort, je ferai tomber une pluie de roses » esou hat déi 24jähreg Schwëster, déi mat 15 Joer an de Karmel vun hirer Stad Lisieux antriede wollt, virun hierem Doud gesot. Däer Rousen, déi si mam Kräiz am Grapp huet an um Sockel skulptéiert sinn, huet et och zu Uesweller gereent, wëll als Merci gouf dës Statue vu 1940 opgeriicht an dee klenge Park vun der Famill Schaminé-Weydert op hierem Privatgrond aménagéiert. Dankenswäerterweis hunn d'Nokomme vun der Stëfterfamill sëch d'Restauratioun vun der Skulptur bekëmmert. Geplangt ass, datt dee klengen Domäne vun der Gemeng iwwerholl gëtt.

**Häerzlech Invitatioun fir d'Mass mat Aweiung vun der restauréierter Theresienstatu**
**Sonndes, den 2. Oktober um 10.30 Auer op der Zëmpelbaach**
**(tëscht Uesweller an Iechternach).**
**Duerno invitéiert d'Gemeng op e Patt**.

Bei guddem Wieder ass d'Aweiung, d'Mass an de Patt op der Plaz. Bei schlechtem Wieder fënnt just d'Aweiung op der Plaz statt. Uschléissend gëtt zu Uesweller an der Kierch d'Mass gefeiert an de Patt gëtt am Centre culturel "A Lannen" servéiert.

Eng ganz extra Aluedung un all Thérèsen, Theresiaen, Tessyen etc. vu no a fäeren fir deen Dag bei hier Namenspatréinesch op Ueswëller ze kommen!

# Kannergottesdéngschter

Dat neit Schouljoër ass amgaangen. Ufank Oktober fänkt d'Kateches nees un. Vum Oktober u sinn nees reegelméisseg Gottesdéngschter fir Kanner an hir Familljen: Mëttwochs um 18.30 Auer zu Iechternach, Freides zum 18.00 Auer zu Rouspert an um 18.30 Auer zu Lënster, Samschdes um 16.30 Auer zu Berdorf an um 18.00 Auer zu Befort. An de klenge Vakanze si keng Kannergottesdéngschter. Ronderën déi grouss Feierdeeg wéi Chrëschtdag an Ouschteren bidde mir och Kannergottesdéngschter un. Dir fannt d'Hiweiser am Parblat an der Gottesdéngschtuerdnung.

Fir d'Katechesjoër zesummen unzefänken, feiere mir e Kannergottesdéngscht mat alle Kanner aus allen Dierfer zesummen an der Basilika zu Iechternach, Freides, de 7. Oktober um 18.30 Auer. All Kanner an Eltere sinn häerzlech invitéiert.

Duerno si ganz besonnesch all Kommuniounskanner an hir Eltere fir d'Kannergottesdéngschter invitéiert. Hei geschitt och d'Virbereedung op d'Éischt Kommunioun. Et ass also erwënscht, datt d'Kanner reegelméisseg do sinn. Mir freeën eis fir iech ze begéinen.

# *Célébrations pour enfants*

*L'année scolaire, vient de commencer. Les cours de catéchèse reprennent début octobre. Il y aura régulièrement des célébration pour enfants: le mercredi à 18.30 heures à Echternach, le vendredi à 18.00 heures à Rosport et à 18.30 heures à Junglinster, le samedi à 16.30 heures à Berdorf et à 18.00 heures à Beaufort. Pendant les vacances d'une semaine, il n'y a pas de services religieux pour enfants. Mais autour des fêtes de Noël et de Pâques, nous invitons à différents services religieux pour enfants. Suivez l'horaire des services dans le bulletin paroissial.*

*Pour commencer la catéchèse, nous invitons tous les enfants et les parents à un service religieux pour enfants en la Basilique d'Echternach le vendredi 7 octobre à 18.30 heures.*

*Après cette date, les services religieux pour enfants s'adressent plus spécialement aux enfants et parents de la première communion. La préparation à la communion a lieu dans les services religieux pour enfants. La présence régulière aux services religieux est souhaitée !*

*Venez nombreux !*





# D'Rousperter Massendénger an d'Klibberkanner

spenden 1000.- .€ un LUkraine ASBL

*Dëst & dat...*

# Missio



An de Kierchen leien Enveloppen fir de Weltmissiounssonndeg (23.10.). Gitt Ären Don (d'Enveloppe) w.e.g. beim Affer an der Kierch oder am Parbüro of (de ganzen Oktober).
Dir kënnt Ären Don och direkt op Missio iwwerweisen:
**CCPL LU09 1111 0382 9981 0000**
Villmols Merci, datt Dir un déi denkt, déi materiell bedeitend manner hu wéi mir!




# Thé Dansant

D'Chorale Ste Cecile vu Lënster invitéiert op hiren "Thé Dansant",
**Sonndes, de 16. Oktober**
am Centre Gaston Stein zu Lënster
vun 15.00 bis 20 Auer
mam Orchester "Los Amigos".
Entrée: ab 14.30 Auer an der Mëtteskees:
Fir Tombola, Gedrénks an Iessen ass gesuergt.

# Gemeng Rouspert-Mompech - Virowendmass

Mam Oktober, wou d'Nuechten da neess méi laang ginn, wäert d'Mass samsdegs owes, mat däer mir an de Sonndeg eraginn, neess ëm 18:00 Auer sinn.



# Willibrordus-Oktav 2022

**vum 6. bis den 13. November**

Si fänkt Sonndes owes den 6. November um 18.30 Auer mat der Pilgermass fir eis Par Regioun Iechternach St Willibrord & fir d'Pargemeinschaften Irrel an Trierweiler un.
Priedegerin ass d'Josiane Mirkes.

Den détailéierte Programm fannt Dir am nächste Parbréif.

**Ausstellung im Trifolion Echternach**

# Esou ginn Helde gebuer

## Mittelalterbilder in Luxemburg (19.–21. Jahrhundert)

***Partnerausstellung der Stadt Echternach und des Lëtzebuerg City Museum***

Im Allgemeinen trägt die Geschichte dazu bei, die Erzählung eines Landes oder einer Stadt zu konstruieren und ihre Identität zu schaffen. In Luxemburg ist es vor allem die mittelalterliche Vergangenheit mit Ihren bedeutenden Figuren, auf die man sich seit dem 19. Jahrhundert beruft. Während in der Hauptstadt vor allem Jang de Blannen, Siegfried oder Ermesinde eine wichtige Rolle spielen, wird Echternach vom Heiligen Willibrord geprägt. In der Kunst oder Architektur, aber auch in Alltagsgegenständen finden sich zahlreiche Spiegelbilder dieser Figuren, die für ihre Tapferkeit, ihre Opfer und ihre Fürsorge für „ihr" Land bewundert wurden. Diese Darstellungen halten sich bis heute und prägen unsere Wahrnehmung des Mittelalters. Das Lëtzebuerg City Museum und die Stadt Echternach laden dazu ein, eine Auswahl entsprechender Objekte aus verschiedenen Sammlungen in zwei Ausstellungen zu entdecken.

Die beiden Partnerinstitutionen bieten zudem eine Reihe von Vorträgen, Workshops und Besichtigungen rund um das Thema an (weitere Informationen unter citymuseum.lu und trifolion.lu).

**Visites Guidées**
Samedi 22.10.2022: 14h (DE) & 15h30 (FR)
Donnerstag 10.11.2022: 16h (DE) & 17h30 (FR)

**Anmeldung**
+352 72 02 30 // touristinfo@visitechternach.lu

**Vernissage** 19.10.2022

Besichtigung während der TRIFOLION-Veranstaltungen
(ab ca. 1 Std. vor Veranstaltungsbeginn)



**Öffnungszeiten**

Donnerstags
14h00 - 18h00

Samstag
05.11 & 03.12.
15h00 - 17h00

# **Umeldung Kateches** 2022-2023

Wann Äert Kand dat läscht Joer an der Kateches ageschriwwe war, da bleift d'Kand och fir d'Kateches vum neie Schouljoer 2022-2023 ugemellt. Dir braucht also kee neien Umeldungsformular méi auszefëllen. Iwwerweist just w.e.g. de Joresbetrag vu 15 € op de Bankkonto BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000 (Kierchefong C.T. / Reg Iechternach) mat dem Vermierk: Kateches 2022-2023 + de Numm vum Kand.

Wann Dir wëllt d'Umeldung vun Ärem Kand annuléieren, da sot w.e.g. per mail Bescheed: iechternach@cathol.lu / luc.zimmer@cathol.lu.

Fir Nei-Umeldungen fannt Dir "Fiche d'inscription" an de Kierchen, am Parbüro oder iwwert Homepage: **https://cathol.lu/iechternach**. Dir kënnt och op den Aschreiwungsterminer an de Parbüro kommen, an Äert d'Kand dann direkt do aschreiwen: Freides, den 16.09.22 vu 08.00 bis 11.00 Auer a Mëttwochs, den 21.09.22 vun 09.00 bis 12.00 Auer a vun 17.00 bis 19.00 Auer oder op Rendez-vous. Fir eng gutt Virbeeredung op d'Eischtkommunion soll e Kand 3 Joer an der Kateches ageschriewe sinn (vum Cycle 2.1 un).

No der grousser Vakanz fänken d'Kateches an d'Kannergottesdéngschter nees un, weider Informatiounen komme no.

# **Inscription Catéchèse** 2022-2023

Si votre enfant était inscrit l'année passée à la catéchèse en notre paroisse, il y restera également inscrit pour l'année 2022-2023. Vous n'avez donc pas besoin de faire une nouvelle inscription. Veuillez s.v.p. virer le montant annuel de 15 € au compte bancaire BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000 (Kierchefong C.T. / Reg Iechternach) avec la mention: Catéchèse 2022-2023 + nom de l'enfant.

L'enfant participera au groupe de la catéchèse en notre paroisse en fonction de son parcours individuel jusqu'à l'annulation de l'inscription. Vous pouvez annuler l'inscription à tout moment par un simple message par mail à l'adresse suivante: iechternach@cathol.lu / luc.zimmer@cathol.lu.

Pour les nouvelles inscriptions: Remplissez la fiche d'inscription (vous la trouvez dans les églises ou sur notre site: **https://cathol.lu/iechternach**) ou venez au bureau à Echternach lors d'une des dates proposées et pour faire l'inscription sur place. Rendez-vous proposés: vendredi, le 16.09.22 de 8h00 à 11h00 ou mercredi, le 21.09.22 de 9h00 à 12h00 et de 17h00 bis 19h00 ou sur rendez-vous. Pour une bonne préparation à la 1ière communioun il est préférable que l'enfant participe à la catéchèse à partir du cycle 2.1



La catéchèse et les services religieux pour les enfants recommenceront en automne.

# Dat (Vir-) Lescht






Auf einer Speisekarte steht: „Gemüse nach Wahl". Der Gast fragt den Ober, was denn zur Wahl stehe. „Spargel!", antwortet der Ober. – „Nur Spargel? Was hab' ich denn da für eine Wahl?", fragt der Gast verwundert. – „Ob Sie Spargel wollen oder nicht."






# Echter'Classic Festival

## 02. – 09.10.2022



**1ère Lauréate du Concours Reine Elisabet**
Sonntag | Dimanche | 02.10.2022 | 17h
TRIFOLION Echternach

**Jonathan Scott, Orgues**
Dienstag | Mardi | 04.10.2022 | 20h
**Basilique St Willibrord**

**ENSEMBLE REFLEKTOR & SVEN HELBIG**
Donnerstag | Jeudi | 06.10.2022 | 20h
**Basilique St Willibrord**

**ELISABETH SCHILLING & LUCILIN**
**ITA INFINITA / BACH & PRESENT**
Freitag | Vendredi | 07.10.2022 | 20h
TRIFOLION Echternach

**SABINE WEYER, Piano**
Samstag | Samedi | 08.10.2022 | 17h
**St Pierre et Paul**

**TAKEOVER ! ENSEMBLE FEAT. MAX MUTZKE**
Samstag | Samedi | 08.10.2022 | 20h
TRIFOLION Echternach

**SINFONIETTA ECHTERNACH**
Sonntag | Dimanche | 09.10.2022 | 11h
TRIFOLION Echternach

**CANTOLX & B'ROCK**
Sonntag | Dimanche | 09.10.2022 | 15h
**Basilique St Willibrord**

**<<< Jonathan Scott**
Dienstag | Mardi | 04.10.2022 | 20h
**Basilique**

Luxembourg Ticket: www.luxembourg-ticket.lu | Tel.: +352 4708 951
TRIFOLION Ticket Service: 2, Porte Saint Willibrord | L-6486 Echternach |
Tel.: +352 26 72 39 500 | ticket@ticketing.lu | www.trifolion.lu

Der Kulturpass wird akzeptiert | Kulturpass accepté
Gruppenrabatte ab 5 Personen ; 20% | Réduction de 20% à partir de 5 personnes
Aufpreis Abendkasse : 2,50€ | Supplément caisse du soir : 2,50€